
# D'Kiirch vu muer - eng faarweg Blummewiss?!

Wat huet d'Kiirch mat enger Blummewiss ze din? As de Glawen eng Blumm? Op der Sich no enger Plaz, wou ech mech an eiser Kiirch wuelfillen, wou ech e Glawen fannen, dee fredeg a lieweg as, wou ech e Wee mat Leit zesumme gin, sin ech nët nëmmen op dene festgetréppelte Pied gaangen. An e bësschen nieft der grousser Strooss hun ech dat fond, wat mir wichteg as: e Grupp vu Frënn, déi hiirt Liewe bewosst nom Evangelium ausriichten.

Am Moment si mir eng gudd Dose Leit, déi sech regelméisseg Samschdes owes nieft der Kiirch um Lampertsbierg treffen. Et sin haaptsächlech jonk Koppelen, an di meescht vun eis hu kleng Kanner. Dëse Grupp huet eng ganz Parti Entwécklungen hanneru sech; nët nëmmen d'Plaz, wou mir eis treffen, huet oft gewiesselt, mee och d'Zuel vun de Leit, déi matmaachen, as op an of gaangen. D'Themeberäicher, di am Viirdergrond stin, hu variéiert, an och d'Form, ënnert der mir eis treffen, war ganz ënnerschiddlech.

Wat iwwert all di Zäit konstant bliwwen as, as den Oflaf vum Owend. Mir feieren zesummen d'Mass respektiv halen e Wuertgottesdéngscht of, woubäi den Austausch iwwert d'Texter aus dem Evangelium



deen allergréissten Deel ausmécht. Duerno "picknicke" mir zesumme mat deem, wat jidderee matbruecht huet a loossen den Owend esou ausklëngen. Di Zäit, wou mir och nach eis kleng Kanner matbruecht hun, sin si ofwiesselnd versuergt gin an eréischt beim Iessen derbäi komm.

Dat héiert sech alles schéin an idyllesch un, mee de Grupp as nët ouni Reiwereien an och Streidereien zesummegewues: d'Fro vun de Kanner war iwwer laang Zäit e wichtegt Thema: kënne mir eis Kanner an eisen "intellektuellen" Erwuessenegrupp integréieren? Kënne mir si einfach iwwergoën, zemools si selwer ëmmer méi oft wollten an der Mass derbäi sin? Behale mir genuch Rou a Raum fir eis, wa mir eis Kanner derbäi hun? Diskussioune vum Genre: "Mir mussen als reliéise Grupp och no baussen hin aktiv gin; et as ze einfach, jhust Samschdes owes Chrëscht ze sin an dann am Laf vun der Woch keng Faarf ze bekennen" stungen géint de Wonsch, an der Communautéit eng Plaz ze fannen, wou een einfach konnt "sin" an och emol "tanken", ouni gläich musse produktiv ze gin.

Wat mech ëmmer erëm an déi Gemeinschaft hinzitt, sin zwee fir mech ganz wichteg an och ganz enk zesummenhängend Aspekter: mäi Mënschsin as ouni Chrëschtsin schlecht denkbar, grad ewei mäi Chrëschtsin nëmmen duerch mäi Mënschsi méiglech as. Di ge- an erliefte Gemeinschaft vu Leit, déi sech zesumme ganz bewosst mam Evangelium ausernaner setzen, huet entschedend derzou bäigedron, dass ech och am Alldag ganz selbstverständlech a selbstbewosst probéieren, nom Evangelium ze liewen. Dat dréckt sech bei mir nët a grousse Wierder oder Gesten aus, mee ech hun d'Zouversiicht, op engem Fundament ze stoën, dat op d'Wuesse vum Mënsch an op positiv tëschemënschlech Bezéiungen ausgeriicht as. Eis Communautéit an deen duerch si geliefte Glawen si fir mech dee Buedem, deen ech brauch, fir kënne Wuerzelen ze schloën, fir kënnen ze wuessen an fir kënne Friichten ervirzebréngen. Dat regelméissegt Zesummekommen as ewéi d'Waasser, wat verhënnert, dass ech zevill wielech gin; an di Wäermt a Solidaritéit, déi ech hei an och op villen anere Plazen a Begéinunge mat Leit a méngem Liewe kréien a gin, si waarm an hell ewéi d'Sonn, dei ech grad ewéi d'Waasser brauch, fir méi grouss a méi fruchtbar ze gin. A fir weider am Bild ze bleiwen: ech spire mech als "Bam" oder als "Blumm" och nët eleng, mee ech sin een Deel vun enger Wiss oder vun engem Bësch, an deem och nach vill aner Blummen a Beem wuessen; där, di ech kennen, sympathescher, mee och friemer, ongewinnter, pickeger - eréischt all

zesumme sin si eng faarweg Wiss, e liewege Bësch. Ech erliewen d'Kiirch all ze oft als en uniforme groë "Rasen", wou all Halm soll wa méiglech gläich ausgesin, wou all Halm muss an di selwecht Richtung kucken. Esou eng Wiss as vläicht, mee och nëmme vläicht, méi einfach am Ennerhalt, mee wou bleift d'Faarf an d'Freed an d'Toleranz an d'Liewen, wou bleiwen all déi Saachen, déi fir mech Chrëschtsin ausmaachen?

Ech hoffen, datt meng erliefte Blummewiss ëmmer méi Som dréit an sech ëmmer méi ausbreed - och an der "groër" Kiirch, zou där ech och stin. Fir mech kann esou eng faarweg Blummewiss de Wee vun enger authentëscher Kiirch vu muer sin, an enger wäitgehend säkulariséierter Welt.

**Christine Conrad**